



Dat sinn déi Recommandatiounen, déi mer zesumme mat de Kolleege vun der Santé gemaach hunn, fir datt de Schwammsport esou sécher wéi méiglech ka sinn. An do ginn ech dem Claude Lamberty sécherlech Recht, an ech mengen, mir deelen dat alleguerten heibannen, datt sportlech Aktivitéite fir déi Jonk extreem wichteg sinn an dëser Phas. A sécherlech net nëmme fir déi Jonk.

Villmools merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Educationminister Claude Meisch.

5. Question urgente n° 3014 de M. Marc Goergen concernant le télétravail dans la Fonction publique

Mir kommen dann elo zur Question urgente Nummer 3014 vum Här Marc Goergen iwwert den Teletravail an der Fonction publique. Dem Auteur vun der Fro sti fënnf Minutten zou, fir seng Fro ze stellen, an d'Regierung huet zéng Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten.

Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Och merci, Här President, dass Der d'Urgence esou schnell unerkannt hutt. An och merci dem Minister Hansen, dass en de Mëtteg kann hei sinn.

De Weekend hu mer alleguerten d'Pressekonferenz vum Premierminister Xavier Bettel gelauschtert. An do konnt een eraushéieren, dass den Teletravail recommandéiert war, an dat och an der Fonction publique. Elo ass et awer esou, dass e Méindeg, wéi mir zougedroe ginn ass, direkt e puer Leit deen Teletravail an der Fonction publique ugefrot hunn an e Méindeg oder en Dënschdeg leider e Refus kruten.

Deementspriechend meng Fro un de Minister vun der Fonction publique, meng dräi Froen: Setzt d'Regierung drop, dass den Teletravail an der Fonction publique applizéiert gëtt? Kruten d'Direktiounen an d'Verwaltungschefen an alle Ministère rezent eng entspriechend Kommunikatioun, fir d'fir ze suergen, dass den Teletravail do, wou et méiglech ass, och soll benotzt ginn? An déi drëtt Fro: Bei wem kënnen d'Beamte sech beschwéieren am Fall, wou e Virgesetzten den Teletravail refuséiert?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Goergen. De Minister fir d'Fonction publique, den Här Marc Hansen, huet d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee Wuert iwwert den Teletravail an der Fonction publique a wéi dat an de leschte Méint gehandhaabt ginn ass.

Ech huelen e bëssen aus. Virun der Coronakris hate mer d'Situatioun, dass am Gesetz den Teletravail virgesinn ass an dass deen awer mat engem Règlement grand-ducal oder duerch de Chef d'administration gereegelt ass. Dee Règlement grand-ducal ass relativ strikt gehandhaabt ginn a sengem Text, wien dat däerf oder wien net. Dofir gouf et och schonn e Pilotprojet an der Fonction publique, fir dat e bësse méi auszeweiden.

An der Kris ass dee Règlement grand-ducal, an dat hunn ech och eng Kéier an der Chamberskommission an och hei, mengen ech, erkläert, ofgeschaf ginn. A mir haten du praktesch e generaliséierten Teletravail, natierlech och, well d'Crise sanitaire du ganz nei war an an deem Lockdown mer dat natierlech och gemaach hunn.

Nodeem mer aus deem Lockdown eraus waren, huet d'Regierung den 1. Juli decidéiert an an eng Circulaire vum 2. Juli matgedeelt, dass elo an deem Artikel 19 d'Chef-d'administratione jo kéinten d'Modalitéite festleeën an dass d'Regierung se géif kënnen unhalen, fir bis zu dräi Deeg d'äers Teletravail kënnen ze accordéieren, do, wou et méiglech ass, do, wou et eligibel a wou et machbar ass. Dat sollten dann déi verschidde Chef-d'administratione bis den 20. Juli ëmsetzen.

An där Circulaire sinn awer nach ganz vill Saache mat derbäi. Dat ass en décke Schmöcker gewiescht, mat allméigleche Recommandatiounen, wéi ee soll op d'Gesondheet vun de Fonctionnaires an den Employéen oppassen. An do sinn och esou Mesuren dra wéi zum Beispill, dass een d'Auerzäiten, wéi se kommen, alternéiert, dass een an de Büren do vläicht Leit eraushëlt an a Konferenzraum setzt, fir dass net esou vill Leit géife beieneesëtzen. An dat ass och duerno esou praktikéiert ginn.

E Samschdeg war d'Regierung zesummekomm an op där Pressekonferenz duerno huet de Premierminister gesot: „D'Regierung recommandéiert, do, wou et méiglech ass, do, wou et machbar ass, op den Teletravail zrëckzegräifen.“ Dat seet scho ganz vill driwwer aus. Et ass net all Aarbecht eligibel. Ech mengen, Dir kënnt verstoen, dass e Polizist, deen dobaussen op der Schicht ass, net am Teletravail ka sinn. An ee vun de Ponts et chaussées, deen

op enger Autobunn muss e Stau regléieren an do Saachen an d'Rei maachen, dee kann natierlech och net am Teletravail sinn. Dat heescht, dat ass eng Recommandatioun, dass d'Chef-d'administrationen no hire Modalitéiten dat kéinten accordéiere bis zu dräi Deeg.

Dat heescht net automatesch, dass et e Recht ass. Ech mengen, Dir hat d'Debatt och eng Kéier elo an enger Petitioun, déi hei war, och an dem Kontext vun dem Secteur privé. Et gëtt och kee Recht bei der Fonction publique. Et ass eng Méiglechkeet, fir kënnen bis zu dräi Deeg ze goen, an et soll een natierlech esou vill wéi méiglech drop opbauen.

Elo sinn natierlech vill Administratiounen, déi sinn nach net esou wäit digital, dass dat an där heiter Phas machbar oder méiglech ass. Dat heescht, d'Recommandatioun ass: Do, wou et geet! An e Chef d'administration huet jo och d'Méiglechkeet, fir dat dann ze refuséieren.

Dat huet awer net nëmmen onbedéngt eppes ze di mat der Aarbechtsplaz, déi eligibel ass, mee och vläicht domat, wéi de Fonctionnement vun deem Service ass. Wann zum Beispill een enzwousch ass, dee Fotokopie mécht oder de Courier traitéiert, dee muss natierlech do sinn. Do ass et net méiglech. Dee Refus kann dee maachen.

Mee Dir hutt d'Fro gestallt: Wéi si mer domadder ëmgaangen, nodeem dat och nach eng Kéier e Samschdeg esou gesot ginn ass?

Mir hunn e Méindeg nach eng Kéier un alleguerten d'Chef-d'administrationen, un d'Responsabel vun de Ressources humaines an un déi Leit, déi domadder ze dinn hunn, eng ronn 950 Leit, e Message erausginn, wou mer gesot hunn: „Hei ass d'Circulaire vum 2. Juli. Probéiert esou vill wéi méiglech, do wou et méiglech ass, wou et machbar ass.“ Dat heescht, dat wäert net iwwerall sinn. An et wäert natierlech och deen een oder anere Refus kënnen ginn.

Ech ginn awer och ee Beispill, wéi et zum Beispill am Ministère vun der Digitalisatioun gehandhaabt ginn ass e Méindeg. Do ass dat machbar. Do sinn natierlech ganz vill Posten eligibel. De CTIE hat no där Circulaire vum 2. Juli, déi d'Regierung erausginn hat, déi Konventioun, déi mer matgeschéckt hunn, u seng Mataarbechter verdeelt, mat engem Plaffong vun 2,5 Deeg d'Woch. Déi hunn e Méindeg, no där doter Circulaire, well et do fir ganz vill Aarbechtsplaze méiglech ass, dat erëm eropgesat op dräi Deeg. An dat sinn elo iwwer 400 Leit, déi erëm dovunner kënnen profitéieren.

Mee och do, beim CTIE, ginn et der, déi bei der Imprieme schaffen, déi verschidden Dokumenter maachen, déi mussen natierlech sur place sinn. Déi kënnen en zwar ufroen, mee da gëtt et warscheinlech och do e Refus, well d'Aarbechtsplaz net eligibel ass. An ech ginn een anert Beispill aus deene leschte Méint: An dem Lockdown hate mer ronn 12.000 Enseignanten an engem Teletravail. Déi hunn dat och virdrun net kannt. Wann déi natierlech elo e Méindeg d'Fro gestallt hunn: „Kann ech an den Teletravail?“, ben, do ass d'Klass natierlech iergendwou, wou den Enseignant och muss sinn. Dee kann natierlech dann och net an den Teletravail goen.

Ee Wuert iwwert déi Fro, déi Der nach gestallt hutt: „Wou kann ee reklaméieren?“, wann ee mengt, dass e ka reklaméieren. Bon, et gëtt och an dem Statut den Artikel 33. Deen Artikel ass eebe grad d'Beschreibung vun dem Droit de réclamation vun all Fonctionnaire, dee sech a sengen Droits statutaires vu senger Supérieurs hiérarchiques oder vun engem aneren Agent public leséiert spiert.

Dat heescht, elo misst een d'Fro natierlech stellen: Ass dat doten en Droit statutaire, vu dass et kee richtegt Recht ass? Mee wa mer dat elo breet interpretéieren an dee géif dowéinst wëlle reklaméieren, da mécht en dat ëmmer bei dem Supérieur hiérarchique, ausser dee wär viséiert, well deen d'Decisioun geholl huet, déi em net gefält. Da géif en et driwwer maachen, bei dem Chef d'administration. Wann deen dann eng Decisioun geholl huet, déi em net gefält, geet et un de Ministre du ressort. A wann deen eng hält, déi em net gefält, geet et bis an de Regierungsrat. Dat ass den Droit vun der Reklamatioun vun dem Fonctionnaire. Deen ass am Artikel 33 festgesat an deen zielt natierlech och an esou engem Fall wéi deem heiten.

Mee et gëtt ganz vill Plazen, déi eeben och nach no där Circulaire, déi nach eng Kéier rappéléiert ginn ass e Méindeg, den Teletravail elo e bëssen eropgesat kritt hunn. Mee och nëmmen do, wou et eebe méiglech ass, do, wou et machbar ass. An et ass genee dat, wat de Premier gesot huet.

A fir de Rescht sinn an där Circulaire, op déi verweise ginn ass, nach ganz vill aner Mesures sanitaires, wou eis alleguerten dru geleeën ass, dass natierlech och op de Fonctionnaires, de Leit, déi beim Staat an och an de Gemenge schaffen, hir Sécherheet opgepasst gëtt. Ech mengen, dat ass essenziell. An déi Responsabilitéit hu mir natierlech och als Fonction publique.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen.

6. Dépôt d'une proposition de loi par M. David Wagner

An elo kéime mer zum Depot vun enger Rei Proposition-de-loien. Fir d'éischt wier et dann um Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wollt hei am Numm vun der Sensibilité politique vun déi Lénk eng Proposition de loi deposéieren. Wéi Der wësst, goufen eng ganz Rei vu Mesurë geholl am Kader vun der Covidpandemie, fir och d'fir ze suergen, datt eng ganz Partie vun der Bevëlkerung um soziale Plang net nach méi schlémm kéint betraff ginn.

Eng vun deene Mesuren, déi mir natierlech och begreiss hunn, dat war am Kader vum Logement: Dat war fir ze verbidden, datt d'Loyere bis op den 31. Dezember vun dësem Joer sollte kënnen erhéicht ginn. Allerdéngs ass et esou, datt ab dem 1. Januar 2021 déi Méiglechkeet erëm besteet. An et kann ee wierklech dovun ausgoen, datt eng Partie Propriétaires och vun dëser Méiglechkeet wäerte Gebrauch maachen. Et weess een och net, inwiefern se dat och wéilten no uewe kompenséieren.

Mir wëssen awer och, an dat sinn och d'Previsiounen vun der Weltgesundheitsorganisatioun, datt de Covid-19 weltwäit déi vital Interesse vun de Populatiounen weiderhi wäert menacéieren, an dat och duerch d'Joer 2021. Et hunn elo och schonn eng Partie Länner, och eis Nopeschlänner hei, erëm méi streng Confinementsmesurë geholl. Mir nach net - oder vläicht guer net, hoffe mer mol. Mee op jidde Fall wäert dat weiderhin en Impakt hunn. A mir wësse jo och all, datt mer um Enn vum Joer mat enger Rei Faillitte musse rechnen. Also wäert sech d'sozial Lag warscheinlech net verbessern. Si wäert beschtefalls um selwechten Niveau bleiwe wéi elo, wat scho schlémm ass. A mir wëssen, datt souwisou d'Logementssituatioun katastrophal ass fir Dausenden an Dausende vu Leit.

Dofir hu mir hei eng kleng Proposition de loi deposéiert. Si passt op ee Blat, si ass net komplizéiert. Si wëllt ganz einfach déi gutt Iddi prolongéieren, d'fir ze suergen, datt et verbuede gëtt, datt d'Loyeren erhéicht ginn, dat also ze prolongéieren op den 31. Dezember 2021. Dat heescht, datt och d'nächst Joer d'Loyeren net solle an d'Luucht goe kënnen.

Ech mengen, mir hunn elo awer nach zwee Méint, fir déi Proposition de loi hei an dësem héijen Haus ze adoptéieren. Ech ginn och dovunner aus, datt mer awer dofir kéinten eng Majoritéit fannen.

7684 - Proposition de loi portant dérogation temporaire à l'article 3, paragraphe 5, de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner.

7. Dépôt d'une proposition de loi par M. Jeff Engelen

An déi nächst Proposition de loi kënnt vum honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, wéi ufanks 2018, am März, fir genau ze sinn, ënnert der viregter Regierung d'Spidolsgesetz gestëmmt gouf, hat Lëtzebuerg 4,77 Better pro 1.000 Awunner. Eis däitsch Noperen haten awer 8,13 Better op 1.000 Awunner. Do derbäi geet aus der Statistik vun dem Statec ervir, datt mer am Joer 2000 5,6 Better hate pro 1.000 Awunner an am Joer 2019 nach 4,3 Better pro 1.000 Awunner.

Aus deem Grond war et fir d'ADR onverständlech, datt mer bei deem staarken demografesche Wuessstum higinn an d'Unzuel vun de Better no uewe limitéieren. D'Plafonéiere vun de Spidolsbetter ass onsënneg a gouf iwwerdeems vun der AMMD, vum Collège médical a vun der Salariatskummer staark kritiséiert. Als ADR hate mir aus all deene Grënn dergéint gestëmmt.

Mat dësem Gesetzesvorschlag proposéiert d'ADR, d'Spidolsbetterbegrenzung ze sträichen. Grad de Covidvirus huet eis virun Ae gefouert, wéi fragill d'Volleksgesondheet ka sinn. Mir hu geléiert, datt eist Land ganz séier an eng Situatioun komme kann, wou mer op all verfügbaart Spidolsbett uge-wise sinn. Et wär onverantwortlech, wa mer jee-mools an eng Situatioun géife kommen, wou mer Patienté missten heemschécken, well mer net genuch Reserven hunn, fir se kënnen ze versuergen. Grad déi lescht Méint hunn eis gewisen, datt e Limitéiere vun de Spidolsbetter e politeschen Dirigismus ass, deen net der Realitéit ugepasst ass. D'Zuel vun de Spidolsbetter soll d'fir ëmmer un

déi sanitär Situatioun ugepasst ginn an dem Bevëlkerungswuesstum och Rechnung droen.

Duerfir, Här President, deponéieren ech am Numm vun der ADR en neie Gesetzesvorschlag, fir an déi Richtung ze goen.

7685 - Proposition de loi du 21 octobre 2020 modifiant la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière, et supprimant la limite du nombre maximal de lits pouvant être autorisés au niveau national

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech hätt och nach de Virus dermat ofgeschafft.

8. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An eng weider Proposition de loi kënnt vum honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo. Ech hätt och nach de Virus dermat ofgeschafft.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och nach eng Proposition de loi vun der ADR, déi betrëfft eng sozial Moosnam. Dat ass den Artikel 271 vum Code de la sécurité sociale. Et ass esou, datt ee vun 18 Joer un normalerweise kee Kannergeld méi huet, ausser d'Ausnamen, déi am Gesetz virgesi sinn. Elo ass et awer esou, datt eng Rei vun deene jonke Leit do net drënnerfalen, zum Beispill déi, déi am eBac, am eCampus, wéi dat haut heescht, ageschriwwen sinn. Do ass dat net méiglech.

Mir denken, dat wär eng Lacune. Mir sollten - an dat ass jo och Sënn an Zweck dervun, fir Leit ze interesséieren, déi besonnesch Talenter hunn, déi déi vläicht wëlle parallel weiderféieren, déi dann déi Formatioun wëllen iwwert den elektronische Wee maachen - déi Leit net géintwuer anere benodelegen. An dofir hu mer geduecht, mir sollten déi Lacune am Code de la sécurité sociale ewechmaachen an eeben d'fir eng spezifesch Dispositioun et dann erméiglechen, datt och déi jonk Leit Kannergeld kënnen kréien.

7686 - Gesetzesvorschlag Ännerung vum Art. 271 vum Code de la sécurité sociale

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser.

9. Dépôt d'une proposition de loi par M. Léon Gloden

An déi viraussichtlech lescht Proposition de loi fir haut kënnt vum honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech deposéieren hei am Numm vun der CSV eng Proposition de loi, déi et erméiglecht, datt op d'mannst fënnf Deputéiert aus der Chamber kënnen de Staatsrot saiséieren am Kader vu Propositionen a Projets de loi wéi am Kader vun Actes administratifs à caractère réglementaire. En Deel vun dëser Propos ass am Fong net ganz nei, well mir hate schonn, deemools ënnert der Leadership vum Här Paul-Henri Meyers, déi Iddi erabruecht, wéi mer d'Organisatioun vum Staatsrot per Gesetz vum 16. Juni 2017 reforméiert hunn.

Firwat elo zu dësem Zäitpunkt dës Proposition de loi? Mir hu virun zwou Wochen der Regierung d'Hand gereecht, fir datt se am Kader vun der Diskussioun iwwert d'Base légale vun der Maison du Grand-Duc eis Bedenke soll un de Staatsrot virginn, fir do en Avis ze kréien. D'Regierung huet dat refuséiert, soudatt d'Regierung bewosst hei dëst héicht Haus geschwächt huet.

An d'fir dës Proposition de loi, fir d'Rechter vum éischte Pouvoir vum Land vis-à-vis vun der Regierung ze stäerken. An ech denken, datt dëst Haus am Fong misst dës Proposition de loi unhuelen.

7687 - Proposition de loi portant modification de la loi du 16 juin 2017 sur l'organisation du Conseil d'État

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden.

10. 7613 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du projet de logements subventionnés dénommé Elmen

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7613 iwwert d'staatlech Finanzéierung vum Projet Elmen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech ginn d'Wuert direkt un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova.